## E schwaachen Trouscht

„Möge es Ihnen ein Trost sein, dass ihr Sohn nicht zu leiden hatte, die vor ihm einschlagende feindliche Granate setzte seinem jungen Leben ein jähes Ende".

Dat woren d'Wierder vun engem Hauptfeldwebel, deen enger Lëtzebuerger Mamm wollt matdelen, datt hire Jong den 11. Juli 1943 bei Orel gefall wär.

Bal déi selwecht Sätz fanne mer an esou ville Bréifer, déi Lëtzebuerger Familjen am Krich heemgeschéckt krit hun. An dene meeschte Fäll wor et dat lescht Lieweszeechen, dat d'Eltere vun hire Jongen héieren hun.

Iwwer dee Fall, wou ech hei schreiwen, hat d'Mamm vun esou engem Jong e Bréif krit mat dem Text, wéi en op der Säit niewendrun ofgedréckt as . . .

„Eine Bergung und Beerdigung Ihres Sohnes war bisher leider nicht möglich, da dieser Geländestreifen sich z. Zt. in russischem Besitz befindet".

Eng „Beerdigung" konnt allerdéngs nët ofgehale gin, wëll déi Persoun ëm déi et hei geet, guer nët dout wor . . .

Ech sëtzen hei zu Schéffleng an der rue Belle-Vue op Nr 43 bei him a sénger Wunnéng fir säi Schicksal vun deemools opzezeechnen.

## En „Doudegen" erzielt

Mäin Numm as Jos. Speller, ech sin de 16. 2. 1922 zu Klengbette gebuer. Mär woren zu 8 Kanner doheem, 5 Jongen an 3 Medercher.

Den Théo, mäin eelste Brudder as vun de Preisen 1943 an d'K.Z. geschleeft gin. Eise Robert war Eisebunner an as dofir vun de Preisen an Däitschland „dienst-verpflichtet" gin. De Roger wor zu Esch am Lycée an as bei der Grève 1942 eraus-geflun, wëll hien den „Hitlergruss" verweigert hat. Wëll hien et awer virgezun huet bei de Bauer schaffen ze goën, as hie vum Arbeitsdienst zréckgesat gin.

Ech selwer sin ënner déi 7 onglécklech Joërgäng gefall, déi vum Gauleiter auserwielt wore gin, „als Soldat für Grossdeutschland" ze verbludden. Nom Arbeitsdienst sin ech gemustert gin an hun den 18. Oktober de „Stellungsbefehl" krit.

An der „Ausbildung" wor ech zu Berlin-Potsdam bis Februar 1943. An där Zäit vun ménger „Ausbildung" sin ech vum 27. 1. bis den 21. 2. 1943 an d'Ukraine ofkammandéiert gin, fir am „Einsatz zur Bahnsicherung" mäi „Stage" ze maachen. Eis Aufgab wor et eng Bréck géint d'Partisanen ze „sécheren". Duerno koum ech erëm zréck an eng weider Ausbildung an Ufank Mee 1943 un d'russesch Front.

De Päischtsonndeg 1943 hun ech mäi Liewe laang nët vergiess. Ech wor an déi éischt Linn verluegt gin. Hei hun ech erlieft, gespiirt a gesi wéi mäerderesch e Krich as a wéi wéineg e Mënscheliewe wäert as. Mär woren e puermol an „Nahkämpf" verwéckelt, an, op mär wollten oder nët, mär hun eis musse wieren, fir um Liewen ze bleiwen.

„Verpflegung" hu mär nëmme méi nuets krit. Vun eisem 208. Bataillon aus der 3. Divisioun wore mär nach zu 12 iwreg bliwen, wéi d'Russe mat Fliger an Artil-lerie ugegraff an eis Linnen iwwerrant hun. Mär sollten eis mat „Flammenwer-fer" zréckzéien, sin awer nët méi dozou kom.

Ech hat mat dem Liewen ofgeschloss an all Hoffnung opgin, lieweg déi „Schluechterei" ze iwwerstoen. Op nach een oder vläicht zwéi vu ménge Komeroden sech nach zréckzéie konnten, ech weess et nët. Wann ech mech opgerricht hätt, wär et mäi Lescht gewiescht.

Dienststelle
Feldpostnr. 03776 D.

O.U. . ., den 5. August 1943

Frau Anna SPELLER
ESCH/Luxemburg.
Müllerstrasse 17

Sehr geehrte Frau SPELLER.

Die Kompanie hat heute die traurige Pflicht, Ihnen von dem Soldatentod Ihres Sohnes, des Obgren. Josef SPELLER, Kenntnis zu geben.

Ihr Sohn fiel in treuer Pflichterfüllung am 11. Juli 1943 bei der Abwehr der schweren russischen Angriffe im mittleren Frontabschnitt nördlich Orel.

Möge es Ihnen ein Trost sein, das Ihr Sohn nicht zu leiden hatte, die vor ihm einschlagende feindliche Granate setzte seinem jungen Leben ein jähes Ende.

Mit Ihrem Sohn verlieren wir einen guten Kameraden, der bis zum Letzten getreu seinem Fahneneid für Führer und Vaterland seine Pflicht getan hat.

Eine Bergung und Beerdigung Ihres Sohnes war bisher leider nicht möglich, da dieser Geländestreifen sich z. Zt. in russischem Besitz befindet. Auch die in seinem Besitz befindlichen Privatsachen konnten aus diesem Grunde nicht sichergestellt werden. Erst wenn in diesen Abschmitt wieder Ruhe kommt, wird das bei dem Tross lagernde Gepäck gesichtet werden. Sollten sich dabei Eigensachen Ihres Sohnes herausstellen, werde ich Ihnen dieselben baldmöglichst zusenden.

Wir fühlen mit Ihnen den Schmerz, der Sie betroffen hat und nehmen an dem schweren Verlust tiefen Anteil.

Als Kameraden grüssen wir Sie in der für Sie so harten Stunde.

Heil Hitler
(Unterschrift unleserlich)
Hauptfeldwebel

Sein heißersehnter Wunsch, das schöne Luxemburg und seine Lieben daselbst wiederzusehen, blieb ihm unerfüllt.

Nun ruhest du auf fernen Höhen
Und schriebst so oft «Auf Wiederseh'n».
Weit ist dein Grab, tief unser Schmerz.
Nun ruhe sanft, du gutes, treues Herz.
Dir die Ruhe, uns der Schmerz.
Wir können dir nichts mehr bieten,
Mit nichts mehr dich erfreu'n,
Nicht eine Handvoll Blüten
Auf deinen Hügel streu'n.

Nun ruhe sanft, du lieber Guter,
Du treuer Sohn, geliebter Bruder:
Wir konnten dich nicht sterben sehn
Und nicht an deinem Grabstein stehn.

Du warst so jung,
Du starbst so früh,
Vergessen werden wir dich nie.

**Ablassgebete.**

Mein Jesus, Barmherzigkeit! (100 T.)
Süsses Herz Mariä, sei meine Rettung! (300 T.)
Barmherziger Jesu, gib ihm die ewige Ruhe! (7 Jahre und 7 Quadr.)

JESUS! MARIA! JOSEF!



ZUM ANDENKEN

an unsern innigstgeliebten und herzensguten Sohn, Bruder, Schwager, Enkel, Neffen, Onkel und Kusin

JOSY SPELLER

geboren zu Kleinbettingen, gefallen bei Orel, am 11. Juli 1943, im blühendem Alter von 21 Jahren.

Dräi Deg wor ech ouni Proviant. De russeschen Ugrëff wor wéi eng Walz iwer eis Stellungen ewechgerullt.

Ech luch agewullt an eise fréiere Positiounen wéi ganz onerwaart zwéi russesch Zaldote viru mär stungen. Déi wore selwer iwwerrascht an dene Lächer nach eppes „Lieweges" ze fannen ënner all denen Doudege ronderëm. Ech hun hinne wiirklech leed gedoen, an ech hu versicht hinnen ze erklären, datt ech zwar eng däitsch Uniform géng droen, datt ech awer kee Preiss wär. Deen ee vun hinne wor en Tschech an et huet och geschengt, wéi wann hie mech géng verstoen.

Nach ëmmer si Granate niddergaang an d'Gefor bestung, datt mär elo vun denen zwou Säite beschoss génge gin, wat och agetratt as. De russeschen Zaldot wor verwonnt gin an ech hu gehollef hien op déi russesch „Sammelplaz" op Foulla transportéieren. E besseren „Alibi" fir mäi Verhéier duerch e russesche Läitnant konnt ech nët virleeën, an ech konnt de Läitnant iwwerzegen, datt ech e „gezwongene Preis" wär. Hie muss wiirklech viru mär schon esou e gezwongene Preiss am Verhéier gehat hun an der Persoun vun engem Lothrénger . . . an dat wor mäi Gléck.

## A Gefaangenschaft am Ural an zu Tambow

Vu Foulla aus sin ech mat engem Transport an den Ural kom, wou ech op enger Kolchos geschafft hun. Muerges fréi sin ech mat engem Camion op d'Plaz gefouert gin, wou ech dann um Feld oder am Bësch geschafft hun. Owes huet e Militärposte mech erëm zréck an d'Lager gefouert. De Kascht wor wéi an all aner Lager, awer daagsiwwer hat ech emol hei an do eng Geleënheet eppes Klengs méi ze organiséieren.

De 4. Dezember 1944 sin ech mat engem groussen Transport op Tambow kom.


Wëll vu ménger Kompanie kee méi iwreg bliwen as, wor eise Läitnant zu 100 % iwwerzeegt, datt ech nët méi lieweg aus der „Häll" vun Orel erauskom wär.

De 5. August 1943 huet méng Mamm doheem e Bréif vun der däitscher „Dienststelle" krit, datt ech nët méi géng liewen.

Méng Eltere woren nët ze tréischten an d'ganz Famill wor voll Suergen. Zu Esch as eng Doudemëss gehale gin an op méngen Doudebiller stung, datt ech den 11. Juli 1943 bei Orel gefall wär.

Méng Mamm huet de Bréif bestëmmt honnertmol gelies an ëmmer an der Täsch gedroen a versuergt.

Wéi d'Mammen alleguer, esu hat si ëmmer nach e wéineg Hoffnung, datt ech dach nach um Liewe kënnt sin.



noch **IV. Aktiver**

**Im Kriege: Verwundungen und ernstere Krankheiten**

| Tag-Monat, Jahr | Art | Truppenteil, Kriegsschauplatz |
|---|---|---|
| 11.7.43 | Gefallen | 3./Div. Batl. 208 Russland/Mittelabschnitt bei Bolchow, nördl. Orel |
| | | O.U., den ... Tober 1945 |
| | | Hauptfeldwebel J.V. Einheitsführer |

29

## Tambow - Frankfurt a. d. Oder - Bréissel - Lëtzebuerg

D'Liewen am Lager zu Tambow wor nët liicht an och nët ongeféierlech wéint de Krankheten. Ee groussen Trouscht hat ech awer, ech wor ënner Komeroden a mär hun eist Leed zesummen erdroen.

Wéi de Krich endlech um Enn wor, hu mär gehofft geschwë fräi ze kommen. „D'Erléisong huet laang op sech waarde gelooss bis et endlech esou wäit wor. Eis Rees an d'Hemecht wor nach vu Leed an Ongléck begleet . . ."



*De Jos. Speller mat sénger Fra viru sénger Dir zu Schëffléng (1988)*

## Nom Krich

Wéi ech mech vun de Strapazen engegermossen erholl, méng Famill de Schreck iwwerwonnen hat, sin ech erëm op méng al Aarbecht zréckgang. Ech wor Fahrdienstleier beim Tram (TICE). Méng Fra Antoinette Neiseler hun ech am Tram kenne geléiert a mär hun eis op Päischtsamschteg 1949 bestued. Eis Wunnéng wor zu Esch an der rue Marie Muller-Tesch. Ech si Papp vun engem Meedchen a fräe mech als Grousspapp iwer een Enkelkand.

Am Joër 1982 sin ech a Pensioun gaang. Am Alter spiirt een all dat, wat een als jonge Mënsch matgemaach huet. Zënter 1982 muss ech all Woch dräimol e puer Stonne fir eng ambulant Behandlong an d'Spidol (Dialyse). Dësen Trätement zwéngt mech zu engem rouege Liewen . . .

Fir nët ze vergiessen, ech wollt nach eemol drop zréckkommen, wéi et mär ergaangen as wéi ech 1945 heemkom sin.

Offiziell wor ech als „Doudgemellten" nët méi um Liewen. Fir mäin Numm erëm aus dem Douderegëschter erauszekréien, wor nët esou einfach. E gudde Frënd wor gäre bereet mär ze hëllefen, fir mat all dene Schwiregkete fäerdeg ze gin. De Romain Fandel huet sech fir mech agesat a mär gehollef, datt ech méng Plaz an der Gesellschaft erëm anhuele konnt.

De Krich 1940-45 a besonnesch d'Joëren 1942 bis 1945 kann ech ni vergiessen. Verschidde Biller an Erliefnësser, wou mäi Liewen nëmmen un engem klenge Fuedem hun, bleiwen och nach no ville Joëre lieweg. Et sin Evenementer aus battere Joren.

Ech géng méngem gréisste Feind dat nët wënschen, wat ech hu mussen duerchmaachen. Loosse mär hoffen, datt ni méi esou eppes virkënnt.